

# **Iwwersetzung – Maacht et richtig!**



**Eng Hëllef, fir  
Iwwersetzungen  
ze kafen**

**D'Sich no engem gudde Prestataire fir eng Iwwersetzung ka frustrant si fir e Client, deen net dacks mat Friemsproochen ze dinn huet.**

**D'Rotschléi an dësem Bichelche sollen derzou bäidroen, Stress ze vermeiden an de Maximum aus Ärem Budget fir eng Iwwersetzung ze maachen.**

## **F: Wat ass den Ënnerscheed tëschent Iwwersetzen an Dolmetschen?**

### **Ä: En Iwwersetzer schreift, en Dolmetscher schwätzt.**

Schafft Der mat geschriwwenen Dokumenter? Wa jo, da braucht Der en *Iwwersetzer*.


Beispiller: en Handbuch fir Är däitsch Clienten, Affichë fir eng Publicitéitscampagne an Argentinien, Rapporte vun Ärer neier Filial zu Schanghai op Chinesesch, déi Der musst kënne liesen a verstoen.

Wëllt Der op der Plaz mat Leit an enger Friemsprooch kommunizéieren? Wa jo, da braucht Der en *Dolmetscher*.  
Beispiller: bei enger Visite vun engem Laboratoire mat Visiteuren aus dem Ausland, bei enger Conseilssëtzung mat frieme Geschäftspartner, bei enger Eltereversammlung mat enger Famill, déi eréischt viru kuerzem op Lëtzebuerg geplënnert ass.

## Soll alles iwwersat ginn?

Éier Der blannemännerches ganz Dokumenter iwwersetze loosst, decidéiert, wat d'Haaptinformatiounen sinn. Generell gesi kënnt Der iwwerflëssege Schnickschnack ewechloossen, ewéi zum Beispill Remerciementen, déi un intern Departementer geriicht sinn. Fir Är auslännesch Clienten sinn déi net wichteg. Esou Passagé riskéieren esouguer, auslännesche Partner a Clienten en egozentrescht an arrogant Bild vun Ärer Entreprise ze vermëttelen.

- A Frankräich krut eng **Entreprise en Handbuch** vu 500 op 230 Säite reduzéiert, well e professionellen Iwwersetzer all d'Passagen, déi net fir Clienten am Ausland relevant waren, markéiert hat, éier e mat Iwwersetzen ugefaangen hat.
- A Kalifornien gräift eng **Affekotenetude** regelméisseg op e spezialiséierten Iwwersetzer zeréck, dee japanesch Patentdokumenter duerchkuckt a mëndlech resuméiert. Zesumme siche se dann Dokumenter eraus, déi ganz mussen iwwersat ginn.


 **Loosst nëmmen déi wierklech relevant Abschnitter vun Ären Dokumenter iwwersetzen, oder kierzt Är Texter, fir dës dann iwwersetzen ze loosse.**

## E Bild seet dacks méi aus ewéi en Text

### **Erschlot Äre Lieser net mat laange Rieden**

Kaarten, Piktogrammen oder Diagramme si fir d'Lieser a verschiddene Länner dacks méi verständlech ewéi allze laang Texter an technesch Beschreibungen. Dir vereinfacht dem Iwwersetzer d'Aarbecht, well dee soss vläicht de richtege Fachbegrëff net ze pake kritt hätt. An esou gëtt d'Iwwersetzungsarbecht lech ënner Ëmstänn esouguer méi bëlleg.

- De schwedesche Miwwelproduzent Ikea ass a 40 Länner mat 375 Geschäfte a mat 30 Sproche präsent. D'Beschreibung fir d'Zesummebaue vun de Miwwele bestinn zu 80 % aus Biller. Text gëtt nëmme fir déi 20 % Informatiounen agesat, déi d'Sécherheet betreffen.
- Am Fluchhafen vu London Heathrow verlosse sech all Joer 65 Milliounen Passagéier aus aller Welt op d'universell Symbolik vu Piktogrammen, fir sech an de fënnel Terminalen ze orientéieren.


 **Gebraucht Text nëmmen dann, wann et néideg ass, oder dann, wann et déi bescht Manéier ass, fir Äre Message un d'Leit ze bréngen.**

## Denkt international – vun Ufank un

Evitéiert lännerspezifesch Clichéen (zum Beispill aus dem Sport oder der Kultur), a gitt virsichteg mat delikaten Themen ëm (Undeutungen op Kierperdeeler kënnen, je no Kultur, ganz anescht opgeholl ginn).

Baut Är Dokumenter net ganz op Illustratiounen oder Biller op, déi am Ausland vläicht net dat nämmelech aussoen. Dobäi evitéiert Der och, datt den Iwwersetzer sech holpreg Wuertspiller a schwéierfällg Ëmschreiwunge muss afale loossen, fir allméiglech Malentenduen aus dem Wee ze raumen.

**En amerikaneschen Auteur huet e Buch fir Teenager an der Pubertéit geschriwwen a bal nëmme Beispiller aus dem Baseball-Milieu geholl. Um däitsche Maart konnten d'Leit sech awer net richtig mat deene Beispiller identifizéieren: D'Buch hat och net deeselwechte Succès ewéi an den USA an et ass an de Librairië stoe bliwwen.**


 **Et deet net wéi, wann e puer lännerspezifesch Elementer an Ären Texter stoe bleiwen, awer kuckt mat Ärem Iwwersetzerteam, ob eng Adaptatioun méiglech ass. An denkt drun, d'Telefons- an d'Faxnummern am internationale Format a mat der Virwal unzeginn.**

## Wat kascht eng Iwwersetzung?

D'Präisser variéiere vun 1 bis 10. Och wann engersäits héich Präisser net onbedéngt eng gutt Qualitéit garantéieren, kënnen Der anersäits ënner engem bestëmmte Präisniveau net mat engem qualitativ héichwäertegen Text rechnen, deen Ärem Betrib an Äre Produkter gerecht gëtt. Vun engem Iwwersetzer, deen de Loun vun engem Babysitter kritt, kënnen Der net erwaarden, datt en Ärem Betrib um internationale Marché déi Opmierksamkeet bréngt, déi e verdéngt.

Sidd realistesch. Wéi vill Säite kann en Iwwersetzer an enger Stonn produzéieren? Wéi vill Zäit muss hien an Ären Aen dermat verbréngen, fir um Text ze feilen? (Wéi vill Zäit huet Är Equipe gebraucht, fir d'Original opzesetzen?)

Éier Dir lech e Prestataire eraussicht, denkt drun, wéi vill Zäit a Suen Der ausginn hutt, fir Är Exportstrategie ze entwéckelen. Wann Der lech keng professionell Iwwersetzung kënn leeschten, sidd Der vläicht einfach nach net prett fir op den internationale Marché.


 **Op den éischte Bléck schéngen Iwwersetzungsbüroe vläicht deier, mä d'Leeschtungen, déi se bidden (de richtigen Iwwersetzer eraussuchen, de Suivi vum Projet maachen, d'Qualitéit kontrolléieren, d'Dateie konvertéieren, méisproocheg Dokumenter eenheetlech zesummestellen) hëllefen lech um Enn, Zäit a Käschten ze spueren.**

## Wéi wichteg ass de Stil?

An engem Hotel huet d'Personal sech gewonnenert, firwat déi däitsch Touristen um Buffet esou gelaacht hunn. Op engem Schëld stoung „Brust der Türkei“. Do hat wuel een dat Englescht „Turkey breast“ mam Dictionnaire iwwersat an déi falsch Iwwersetzung geroode: „turkey“ bedeit nämlech net nëmme Tierkei, mä och Dinde.

Dacks gouf den Text vun engem Computer iwwersat oder vun engem Amateur, dee sech mat Grammairesbuch an Dictionnaire duerch en Text gekämpft huet, ouni d'Zilsprooch richteg ze beherrschen. Se dinn ee vläicht schmunzelen, mä dat war et dann awer och schonn.

Aner Iwwersetzung sinn zwar inhaltlech korrekt, mä d'Sätz fléissen net an d'Syntax wierkt holpreg, oder et spiert een den Afloss vun der Ausgangsprooch an der Satzstruktur an um Choix vun de Wieder. Esou Texter sinn net fir Marketing gëeegent, mä se ginn duer fir e Lieser, dee sech mam Sujet auskennt oder tëscht den Zeile ka liesen (an déi Zäit och huet).

 **Vill Prestatairë maachen eng „reng informativ“ Iwwersetzung a keng „Adaptatioun“. Fir all Mëssverständnes aus dem Wee ze goen, klärt dëse Punkt direkt am Ufank, an am Beschte schrëftlech!**


**Korrekt Iwwersetzungen, deenen awer nach de leschte Schlëff feelt, ginn dacks als „reng informativ“-Iwwersetzung bezechent. Dës kënne méi schnell a méi bëleg produzéiert ginn ewéi Texter, déi solle publizéiert ginn.**

**Wann Der eppes wëllt verkafen oder ee musst iwwerzeegen, oder wann den Image wichteg ass, da ginn esou Iwwersetzungen net duer.**

## Maacht et net selwer

Schwätzen ass net Schreiwen. Eng Sprooch gutt kënne schwätzen, heescht net, datt een e fléissende Stil huet. Esouguer wann Der mat vill Succès op Franséisch, Däitsch a Spuenesch verhandelt, an och vill Zäit an de Länner verbréngt, an deenen dës Sprooch geschwat ginn: esoubal Der eppes schrëftlech verfaasst, gitt Der normalerweis direkt als „Ausländer“ erkannt.


Ass dat e Problem? Net onbedéngt, wann (1) de Präis d'Haaptargument fir de Verkauf ass (Clienten, déi op de Präis kucken, sinn um sproochlechen Niveau net esou kriddeleg, wann d'Haaptausso stëmmt), oder (2) wann eng „friem“ Prägung vum Text erwünscht ass. (Denkt un de Gérard Depardieu, deen an enger Reklamm Lëtzebuergesch schwätzt).



**Ass en internationalen Image fir lech wichteg?  
An deem Fall ass méiglecherweis eng manner  
lännerspezifesch Approche besser. A ville  
Kulture gëtt en nolëssegen oder falsche Gebrauch vun  
der Nationalsprooch net als amusant oder charmant, mä  
als eng Beleidigung empfונnt.**

## Maacht Ären Text fäerdeg, ier Der d'Iwwersetzung lancéiert

Och wann een tentéiert ass, den Iwwersetzungsprojet esou séier ewéi méiglech unzefänken: wann d'Iwwersetzer just en Entworf, un deem nach geschafft gëtt, als Basis hunn, kascht dat lech mat grousser Wahrscheinlechkeet um Enn méi Zäit, méi Geld – an och méi Nerven –, ewéi den Text ze finaliséieren an dann (eréischt) d'Iwwersetzung ze lancéieren. Wat méi Versiounen dertëschentkommen, wat d'Wahrscheinlechkeet méi grouss ass, datt sech Feeler aschläichen.




**Heiansdo bleift lech näischt anescht iwwereg.  
Heiansdo sinn d'Delaien esou kuerz, datt  
d'Iwwersetzung muss lancéiert ginn, éier den  
Originaltext fäerdeg ass. Kuckt, datt all Versioun  
nummeréiert an datéiert ass, a markéiert déi respektiv  
Ännerunge fir Är Iwwersetzer.**

## Wat daacht eng Lwwersetzungssoftware?

Wann Der ënner Zäitdrock sidd an en Text, deen an enger anerer Sprooch geschriwwen ass, fir den interne Gebrauch wëllt méi verständlech maachen, kann eng maschinell Lwwersetzung nëtzlech sinn. Déi ass séier gemaach, a méi bëlleg ewéi gratis fënnt sech kaum!

Eng Grondregel ass, datt Der eng Computeriwwersetzung fir eng Publikatioun op kee Fall ouni den ausdrécklechen Accord vun Äre Cliente fräigitt. Se ass einfach net dofir gëeegent: Dir riskéiert, inkohärent, vläicht esouguer lächerlech, eriwwerzecommen. Eng Optioun ass et, déi automatesch Lwwersetzung vun engem erfuerenen – mënschlechen – Lwwersetzer iwwerschaffen ze loossen, och wann net all Lwwersetzer esou eng Aufgab akzeptéiert. Vill Lwwersetzer hiewen ervir, datt computergeneréiert Lwwersetzungen esou schlecht sinn, datt se besser hunn, nees ganz vu vir unzufänken.


 **Lwwersetzungssoftwaren, déi fir spezifesch Sproochekombinatiounen a Fachjargonentwéckelt goufen, liwwere besser Resultater ewéi d'Produite fir de Grand public. Déi Programmer kaschten awer hire Präis, an och hei kann an de seelenste Fäll op e Relecteur verzichten ginn.**

**De Wall Street Journal huet zwee gratis online Lwwersetzungsservicer getest, an ass zu dëser Schlussfolgerung komm: „Dës Servicer kënnen passabel si fir Touristen oder fir e Bréif vun engem klengen Koseng ze verstoen. Ech géif se definitiv ni fir d'Aarbecht gebrauchen, oder fir eppes, wat iergendwéi Präzisioun verlaangt.“  
(A Closer Look)**

## Setzt Ären Iwwersetzer an d'Bild

Eng Ried ass keen Internetsite. Eng Broschür ass kee Katalog. D'Iwwerschrëft vun engem Diagramm ass keen Text op engem Schëld. E Rapport annuel ass keen Artikel an enger bëlleger Zäitschrëft.

De Stil, d'Aussprooch, de Choix vun de Wieder, d'Formuléierung, d'Längt vum Saz – alles variéiert je nodeems, wou den Text verëffentlecht gëtt an deemno wat Der dermat wëllt errechen. E routinéierten Iwwersetzer wäert lech dës Informatiounen froen an Dir sollt drop äntwere kënnen. Wat Der méi laang mat den Iwwersetzer zesummeschafft, wat se Är Geschäftsphilosophie, Är Strategie an Är Produkter besser kennen a wat hir Texter méi effikass sinn.




**Sot den Iwwersetzer ëmmer, wat den Zweck vun Ärem Text ass, fir datt se eng Versioun an enger friemer Sprooch kënnen virbereeden, déi déi maximal Wierkung op déi gewünschten Zielgrupp huet.**

## Enseignant, Akademiker a Studenten: Opgepasst, Risiko!

Vill Entreprises, déi friemsproocheg Texter ze iwwersetzen hunn, wenne sech fir d'alleréischt emol un d'Sproochesektioun vun enger Schoul oder vun enger Uni. Dëst kann – heiansdo – fir intern Iwwersetzunge funktionéieren (wann Dir zum Beispill wëllt erausfannen, ëm wat et geet), fir Marketingstexter ass dës Method awer extrem riskant.

Eng Friemsprooch ze enseignéieren ass eng exigent Aarbecht, fir déi ee speziell Kompetenz brauch. Dat si meeschtens awer net déiselwech, ewéi fir eng fléissend an elegant Iwwersetzung ze maachen. De Risiko ass nach méi grous, wann Äre Choix op Iwwersetzungsstudente fält, och wann déi Optioun flott a bëlleg schéngt.



**Wiert Dir dermat averstanen, datt Medezinstudente kleng oder manner wichteg Operatiounen maachen, fir sech hire Studium ze bezuelen? (Géift Dir soen, Är Broschür / Äre Bréif / Äre Rapport Annuel / Är Ried wier „manner wichteg“?) Géift Dir Äre Bilan vun engem Ekonomiestudent maache loossen, fir Geld ze spueren?**




## E professionellen Iwwersetzer iwwersetzt a seng Mammesprooch

Wëllt Dir Äre Katalog op Däitsch an op Russesch iwwersetze loossen? Da vertraut d'Aarbecht engem däitschen an engem russesche Mammesproochler un. Iwwersetzer, deenen hir Mammesprooch z. B. Englesch ass, iwwersetzen aus enger Friemsprooch an d'Englescht.

En Iwwersetzer, deen dës Deontologie net respektéiert, negligéiert méiglecherweis och nach aner wichteg Kritäre vun enger gudder Iwwersetzung.

Jo, et gëtt Ausnamen. Awer net vill. Ären Interlocuteur behaupt, hie wier eng Ausnam? Frot, fir seng Aarbecht ze gesinn. Wann den Inhalt stëmmt an den Text sech gutt liest, firwat net? Heiansdo acceptéiert en Iwwersetzer, deen sech gutt an engem spezifische Beräich auskennt, fir an eng Friemsprooch ze iwwersetzen. An deem Fall muss d'Iwwersetzung ganz genee vun engem Mammesproochler mat guddem Sproochegefill iwwerlies ginn, ier se an den Drock geet.




**Verléieren Iwwersetzer, déi am Ausland liewen, d'Gefill fir hir Mammesprooch? Vläch e schlechten Iwwersetzer, mä e professionellen Iwwersetzer ënnerhëlt déi néideg Schrëtt, fir näischt vu senger gudder Sproochekenntnësser ze verléieren.**

## Wat fir eng Sprooch schwätzen Är Lieser?

Soll et Spuenesch si fir Cliente vu Madrid oder vu Mexico City? Englesch fir England oder fir Amerika? Kontaktéiert Är Partner am Ausland, fir genee festzeleeën, wat gebraucht gëtt.

De Sproochenniveau ass och wichteg. Soll et Däitsch si fir Dokter a Personal aus dem professionelle medezinesche Milieu oder fir Patienten? Verkaaft Der dem normale Konsument gär eng Liewensversicherung oder bitt Der Är Investmentfongen op enger internationaler Finanzplaz un? Denkt och drun, datt Der a verschiddene Länner eng Geldstrof riskéiert, wann Der Dokumenter net a méi Sproochen zur Verfügung stellt, wann dat esou am Gesetz virgesinn ass.




**Schwätzt d'Sprooch vun Äre Lieser. Setzt Iech an hir Plaz a fannt eraus, a wat fir engem Mooss Är Produkter a Servicer hire Besoine kënnen entspriechen. Sidd konkret. Sidd genee. (Dat nämmecht gëllt selbstverständlech fir Marketingmaterial an der Ausgangssprooch.)**

## Et ass e gutt Zeechen, wann den Iwwersetzer Froe stellt.

Kee liest Är Texter méi genee ewéi Ären Iwwersetzer. Iwwerem Schaffe kann hie konfus Passagen identifizéieren an de Message méi kloer duerstellen. Dat ass eng gutt Nouvelle fir Iech, well Dir esou och d'Geleeënheet kritt, d'Original ze verbessern.

- **E Produzent vu Videospiller huet festgestallt, datt d'Direktioun d'betribsintern Aktiepolitik selwer net wierklech verstanen hat, bis eng Iwwersetzung ugefrot ginn ass: Den Iwwersetzer huet vill Froe gestallt an eng Versioun ofginn, déi vill méi kloer war ewéi d'Original.**
- „Éier mer déi franséisch Originaltexter an den Drock ginn, versiche mer ze waarden, bis d'Texter vun den Iwwersetzer zeréckkommen“, seet de Chefekonomist vun enger grousser Paräisser Bank: „Dat huet en einfache Grond: Eis Iwwersetzer huelen eis Theme genee ënner d'Lupp. Hire kritesche Bléck hëlleft eis, schwach Punkten am Original ze erkennen.“




**E professionellen Iwwersetzer hält Ären Text ganz auserneen, éier en en an der Zilsprooch nees zesummebaut. Wann dobäi Froen opkommen, wäert en Iech se stellen.**

## Fir en techneschen Text braucht Der e spezialiséierten Iwwersetzer

Wann Der fënnef Mammesproochler déiselwecht kuerz Informatiounen gitt an se frot, fir eng Beschreiwung vun 100 Wieder dervun opzesetzen, da kritt Der fënnef ganz verschiddenen Texter, déi méi oder manner kloer a fléissend sinn. D'Leit, déi sech mam Sujet auskennen, produzéieren wahrscheinlech e besseren Text. Datselwecht géllt fir Iwwersetzer.


Léiert Är Iwwersetzer kennen, wann dat méiglech ass. Net nëmmen de Chef vum Projet, mä d'Iwwersetzer selwer, déi Leit, déi un Ären Texter schaffen. A kuckt, datt si Iech och kenne léieren.



**Schwätzt mat Ären Iwwersetzer. Si missten d'Sujeten, déi se iwwersetzen, gutt kennen. Falls net, hutt Der besser, en anere Prestataire ze sichen. Iwwersetzer sollten d'Matière net op Är Käschte kenne léieren, ausser, dir hätt dat esou uitgemaach.**

## De leschte Schläff: Loosst d'Épreuve vum Iwwersetzer iwwerliesen

**Ëmmer.** Esouguer wann den Aarbechtsprozess gutt organiséiert ass an Der mat zouverlässegen Iwwersetzer zesummeschafft, déi Äre Betrib gutt kennen an ageschafft sinn, kënnen Ännerungen (Iwwerschrëften, Billerzeilen, zousätzlech Wierder), déi an der leschter Minutt vun Net-Spezialisten, déi et gutt mengen, bäigefügt ginn, en anstännegt Dokument sabotéieren. E Feeler ass séier gemaach. En däitsche Geschäftsmann, deen et gutt gemengt hat, huet den „s“ vun „Headquarters“ gestrach mat der Erklärung: „Mir hunn nëmmen een Haaptsätz“. Franséisch Setzer maachen ëmmer nees en „s“ un dat englescht Wuert „information“ drun. E Relecteur hätt esou Feeler net duerchgoe gelooss!

 **Loosst déi lescht Ännerunge vun enger Persoun préiwen, déi e Gefill fir hir Mammesprooch huet. Macht déi lescht Textännerungen an enger Friemsprooch net iwwer Telefon, well se ginn dacks falsch verstanen.**


## All Sprooch huet hir eegen typografesch Konventiounen

Bürospersonal an Drécker sinn sech däers net ëmmer bewosst. Et kann och virkommen, datt se sech iwwer déi Konventiounen ewechsetzen. Dacks ginn déi Regeln applizéiert, déi am eegene Land gëllen.

Am Franséische kënnst en Espace virun en Doppelpunkt. Am Englesche ginn d'Substantive klenggeschriwwen, mä d'Méint an d'Nationalitéiten – och als Adjektiv – grouss.

An tippt am Spueneschen ni just en „n“, wann et en „ñ“ brauch!

- **Mat enger zweesproocheger Banderole sollten d' <100 anos> vun enger amerikanescher Stad gefeiert ginn. „Año“ ass e Joer, „ano“ ass den hënneschten Daarmausgang!**
- **Bei Texter op Lëtzebuergesch gesäit een ëmmer nees, datt d'n-Regel net korrekt applizéiert gëtt, z. B. „Schéin Feierdeeg“ amplaz vu „Schéi Feierdeeg“.**

 **Een Tippfeeler ka virkommen, mä vill Tippfeeler hunn eng ofschreckend Wierkung op d'Lieser. Respektéiert d'typografesch Regele vun der Sprooch, an där Der schafft.**

## Ass ee mat zweesproochege Kompetenzen automatesch e gudden Iwwersetzer?

Professionell Iwwersetzer sinn Auteuren. Hir Texter liese sech gutt an et héiert een net, dass et eng Iwwersetzung ass. Se schwätzen d'Ausgangssprooche gewéinlech fléissend. Virun allem si se Architekten, déi zolidd Brécken tèschent de verschiddene Sprooche bauen. Se si fäeg, de Message vum Originaltext mat engem adequate Stil a mat der richteger Terminologie an hirer Mammesprooch erëmzeginn.

Zweesproocheg sinn ass eppes anescht. Zwou Sprooche fléissend kënne schwätzen, heescht net, dass een d'Kompetenzen huet, fir Informatiounen vum enger Sprooch an déi aner ze iwwerdroen, scho guer net am Schrëftlechen. Doriwwer eraus iwwerschätze vill sougenannten zweesproochege Persounen hiert Kommunikatiounstalent.



**Zweesproochegkeet garantéiert keng gutt Schreifkompetenzen a keen Talent fir Iwwersetzung.**

## „Technesch Dokumentatioun ass net schwéier ze iwwersetzen.“

### Eng falsch Virstellung

Wëssenschaftlech Termen (an der Botanik, Zoologie asw.) sinn zugläich präzis an international, wa se da richteg agesat ginn! Eng Lëscht mat Ersatzstécker vun engem Apparat ass normalerweis relativ einfach ze iwwersetzen. Mä esouguer Spezialisten, déi an hirer Sprooch iwwer Technologie schreiwen, kënne sech ieren.

Technesch Iwwersetzer müssen och derfir suergen, dass hir Fassung sech mindestens grad esou gutt liest ewéi den Ausgangstext. Heiansdo liesen d'Iwwersetzungen sech esouguer besser ewéi d'Original, well se vun de Kompetenzen vum engem zweeten Expert profitéieren. De falsche Gebrauch vu Fachterminologie weist drop hin, dass en Iwwersetzer iwwerfuert ass. Eng méiglech Léisung ass, den Input an d'Relecture vum engem Expert am betroffenen Domaine ze froen.



**Loosst ëmmer e professionellen Iwwersetzer déi lescht Relecture maachen (Grammaire, Syntax, Interpunktioun a Stil) éier en Text an den Drock geet, virun allem dann, wann d'Experte keng Mammesproochler sinn.**

## E Prestataire eraussichen

Schéi faarweg Broschüren an ausgefeilte Verkafsstrategien sinn eng Saach, richteg Kompetenzen eng ganz aner.

Frot den Iwwersetzer, fir Texter ze gesinn, déi e selwer iwwersat huet a mat deenen en zefridden ass, an net nëmmen d'Lëscht vu senge Clienten. Wann e Prestataire Äre Site an eng Friemsprooch soll iwwersetzen, frot, fir aner Websäiten ze gesinn, déi hie schonn iwwersat huet. Datselwecht gëllt fir Broschüren a fir Rieden. Gitt dës Beispiller un eng Vertrauenspersoun (z. B. e Mataarbechter oder e Partner) weider, déi dës Sprooch als Mammesprooch huet, a frot se, fir d'Referenze kritesch ze kucken.

Wann Ären erfuerene Prestataire keng Aarbechte ka virweisen, op déi hie stolz ass, dann hutt Der e Problem (an hien och).

Sot Ärem Déngschtleeschter, datt säin Numm op d'Dokument stoe kënn, genee esou ewéi och dem Fotograf oder dem Drécker säin Numm.



**Dem Iwwersetzer säin Numm op d'Dokument ze setze kascht lech näischt, an et encouragéiert hien, eng gutt Aarbecht**

**ofzeginn. Falls den Iwwersetzer insistéiert, fir déi lescht Versioun ze iwwerliesen, fir sécher ze sinn, datt zum Schluss net nach Feeler vun Ärer Säit agebaut goufen, ass dat e gutt Zeechen. Acceptéiert, ouni ze zécken!**

***Plangt vir. Wëllt Der mat Ärem Betrib op den internationale Marché? Da fänkt elo un, qualifizéiert Iwwersetzer ze sichen. Kontaktéiert se, esoubal Der ufänkt, Texter opzesetzen, a loosst hinnen esou vill Zäit ewéi méiglech.***

***Iwwerloosst näischt dem Zoufall: Stellt en interne Glossaire op (wat iwwregens och fir Är Originaltexter hëllefräich ka sinn), a schafft zesumme mat Äre Mataarbechter a mat den Iwwersetzer eng zweesproocheg Versioun dervun aus.***


## Wat braucht Der wierklech?

Wat fir eng Iwwersetzung (a wat fir e Budget) braucht Der? Gëtt Ären Text publizéiert? Soll en informéieren? Oder geet et duer, wann e Computer just graff de Sënn erëmgëtt?

Wéi vill Leit wäerten Är Texter liesen (handelt et sech ëm eng international Pressecampagne oder ëm eng Note interne)? Maacht d'Rechnung an decidéiert, a wat fir engem Mooss eng schlecht Iwwersetzung Ärem Image kéint schueden an/oder Är gesetzlech Haftung kéint implizéieren.

Consideréiert elo nach emol Äre Budget.

Den Iwwersetzungssecteur besteet aus ville spezialiséierten Nichen. Esouguer eng „Publikatiouns“-Qualitéit beinhalt e breede Spektrum vu Servicer a vun Déngschtleeschter, an och vu Präisser. D'Equipe, déi eng perfekt Aarbecht fir d'Instruktioune vun Ärer Software geleescht huet, ass net onbedéngt qualifizéiert, fir de Rapport Annuel vun Ärem Betrib ze iwwersetzen.

 **Fir Reklammen a groussen Zäitschrëften oder fir Schëlter, déi eng wichteg Informatioun vermëttelen: Zéckt net, fir Iech eng éischtklasseg Iwwersetzung ze leeschten! Fir intern Notten an Dokumenter mat limitéierter Distributioun geet eng méi graff (an deemno méi bëlleg) Adaptatioun gewéinlech duer.**

## Implizéiert Iech

Wann Der versicht, Iech aus dem Iwwersetzungsprozess erauszehalen, gitt Der e grouse Risiko an. Wann Der Iech awer d'Zäit huet, fir Är Prestatairen an d'Bild ze setzen, kënn Der och mat engem Resultat rechnen, dat Ären Erwaardungen entsprécht.

Natierlech ass et méiglech, eng Iwwersetzungsprozedur mat engem lapidaren „Loosst dat iwwersetzen!“ an d'Weeër ze leeden. Mä wann Dir oder eng aner kompetent Persoun och nëmmen 10 Minutte mam Iwwersetzer (oder mam Chef vum Projet) schwätzt, kënn Der spéider vill Stress an zousätzlech Käschte spueren.



Lëtzebuenger Iwwersetzer- an Dolmetscherverband  
30, rue des Fleurs  
L-3468 Dudelange

---

ALTI  
[www.traducteurs-interpretes.lu](http://www.traducteurs-interpretes.lu)

---

Text: Chris Durban ©2011  
Iwwersetzung: Angela Tumiotto  
Layout: Mark Richardson



*Et gött Honnerte vu Grënn, duerch déi en  
Iwwersetzungsprojet kann entgleisen:*

**lächerlech Delaien, Ambiguitéiten am  
Ausgangstext, déi net onbedéngt vun den  
Iwwersetzer hannerfrot ginn, schlecht  
agesaten automatesch Iwwersetzungen,  
Epreuven, déi net vun engem  
Mammesproochler iwwerlies ginn, naiv  
Iwwersetzer, déi sech ze vill zoutrauen a sech  
selwer iwwerlooss sinn, grouss Projeten, déi  
schlecht koordinéiert ginn, schlecht (bëlleg  
oder iwwerdriwwen deier) Iwwersetzungen,  
Clienten, déi sech net implizéieren, asw. asf.**

***Wann Der lech och nëmmen d'Halschent vun de  
Rotschléi aus dësem Bichelchen zu Häerzen huet,  
ginn Är Chancë méi grouss, datt Är Dokumenter  
anständeg iwwersat ginn.***